Bonjour,

Invitatioun fir eis nächst Degustatioun Dënschdes den 1. Abrëll 2025
am Restaurant Kohn zu Altwies vun 17.00 bis 21.00 h.

Jiddereen ass wëllkomm , och ouni Umeldung . All d'Wäiner kënnen um Stand geschmaacht ginn an och deen gudde Paté vun Délisoeurs ass mat derbäi.

Fir all déi Leit wou no dem Schmaache wëllen am Restaurant iessen proposéiert de Christian Kohn 2 verschidde Platen: ( Reservatioun néideg )

Salade Paysanne 20,00 € oder

Suprême de Poulet jaune fermier mat Purée , sauce crème champignons 27,00€

Reservéiert w.e.g. ären Dësch um Tel. 23 66 81 03 / 621 50 10 92

Hei dann d' Wäiner , déi et deen Owend ze schmaachen gëtt :

1. Rosé Cep d'Or 2023 : Bitt vill Freed a Genoss fir wéineg Geld . Onkomplizéiert an easydrinking . Well en d'lescht Joer sou beléiwt war ass en rem mat derbäi.
2. Saint Laurent rosé 2023: Ee gastronomesche Rosé aus dem Haus Frank Kayl vun Remerschen mat ganz heller Faarw , guer net séiss, dofir awer mineralesch , am Style vun engem wäissen Muselwäin . Richteg erfrëschend an ideal fir bei all Summerplaten , besonnesch bei héichen Temperaturen.
3. La Plume rosé 2024: Cuvée aus Gamay, Syrah, Pinot Noir an Rivaner . Wonnerbar liicht an delikat mat Aromen vun Aerdbier an Hammbier . Schéin ronn mat frescher Saier an eng feiner Séissheet . Do drenkt ee méi wie 1 Glas.
4. Château Vignelaure La Source 2023: Ee Côteaux d'Aix en Provence aus Grenache, Cinsault , Syrah an Cabernet Sauvignon . Dest ass den Haaptwäin ( 10 Ha ) vum Domaine ( 60 Hektar ) an ganz vill an der Gastronomie ze fannen.
5. Château Vignelaure 2023 : Idem awer eben e besse besser , méi gehaltvoll , méi kräfteg . De Mond ass méi voll an die typesch Aromen aus der Provence bleiwen méi laang op der Zong. Fir all eis Amateuren vum Rosé de Provence .
6. Chardonnay Frank Kayl 2022: Ganz vill Harmonie an dësem Wäin. Typesche Chardonnay's Goût no Äppel , ganz zart Holztéin , wonnerbar équilibréiert an sengem gesamten Optrieden . Domat een ideale Wäin fir bei all Iessen.

7. Sauvignon Blanc Frank Kayl 2023 : Zanter 6 Joer schon ass de Frank Kayl ee vun den eenzegen Letzebuerger mat dëser Drauwensort , déi weltweit ëmmer méi beléiwt gëtt. ( Pouilly-Fumé, Sancerre, etc. ) Aromen vun Zitrusfriechten an Kréischelen dominéieren hei . D'Joresproduktioun vun 600 bis 800 Fl. ass emmer schnell ausverkaaft , dofir ass just ee maximum vun 6 Fläschen pro commande méiglech.

8. Pinot blanc barrique 2022 vum Henri Ruppert : Dee wuel bekanntesten Wäisswäin vum Domaine Ruppert mat villen internationalen Auszeechnungen. An hei kann ee wirklech an d'Schwärme kommen. Staark am Goût , würzeg mat vielfältegen Aromen an perfekt agebonnen Holztéin. Einfach ee ganz groussen Wäin.

9. Côtes du Rhône 2023 Notre Dame des Pallières . Den entrée de gamme aus guddem Haus ass ee roude Wäin fir all Dag . Vill Grenache mat Syrah an Carignan machen engem hei de Mond voll mat Fruchtegkeet . Hält nach gut 3-5 Joer.

10. Cabaret Noir 2022 vum Cep d'Or. Eng ganz nei Drauwensort , ( vun 1991 ) staamt vum Cabernet Sauvignon of. Ganz ronn , dicht a vollmundeg mat donkler Faarw an typeschen Aromen vum Cabernet wéi roud Kiischten a Schokola. Eng Raritéit.

11. Morgon Chateau Gaillard 2023 : Den Domaine Anita ass definitiv ee Rising Star am Beaujolais . All hir Wäiner sinn vollmundeg, ronn an einfach ee Genoss. Morgon ass bei eis eng vun de bekanntesten an beléiwsten Appelatiounen aus dem Beaujolais.

12. Fleurie Cuvée Poncié 2023 : Et gëtt oft gesot Fleurie wier déi weiblechst Appelatioun am Beaujolais . Well een hei Aromen vun Blumen an Friichten fënnt , elegant an mat enger gewëssen Verspillthéet . Dëse Wengert huet schon 70 Joer an dëse Joergang hält bestemmt nach 7 – 10 Joer.

13. Moulin à Vent Très Vieilles Vignes Les Caves 2023 : 80 bis 100 Joer aal Riewen brengen hei een aussergewéinlecht Resultat . De Wäin ass intensiv am Goût , komplex an den Aromen , bleiwt lang um Gomm pechen . Einfach genial gut.

14. Fixin 2022, Cuvée Terre Brune
15. Marsannay 2022 , Champs Perdrix

    Burgunder jo , awer bezuelbar . Et ass net einfach fir do eppes ze fannen. Déi gut a bekannten Wënzer sin ëmmer total ausverkaaft , déi grouss Appelatiounen sin immens deier etc… Ech hun d'Hoffnung awer nie opginn an präsentéieren iech haut 2 Wäiner vum Domaine Huguenot aus der Côtes de Nuits an hoffen se

gefalen iech . Fixin huet 100 Ha , Marsannay ass 300 Ha grouss an se leien direkt no Dijon am Ufank vun der Bourgogne.

Falls iech elo d'Waasser am Mond zesummeleeft an dir e puer vun deene Wäiner hei onbedéngt wëllt hunn , awer den 1. Abrëll keng Zeit fannt, da bestellt einfach per mail oder per Telefon :

info@rwr.lu oder. 621 170 713 (Marc) w.e.g. bis de 1.Abrëll spéitstens.

Mir freeën eis op äre Besuch a wënsche vill Spaass beim Schmaachen

# Roud-Wäiss-Rosé asbl

## Dégustation 01 avril 2025. Bon de commande

### Les vins rosés

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| 1. | Dom. CEP D'OR | Rosé CEP d'OR | 2023 | 7,75€ ...............bt. |
| 2. | Dom. Frank KAYL , Remerschen | Saint Laurent rosé | 2023 | 9,50€ ...............bt. |
| 3. | Dom. Henri Ruppert | La Plume rosé | 2024 | 9,90€ ...............bt. |
| 4. | Château Vignelaure , Bio | Cuvée "La Source " | 2023 | 10,50€ ...............bt. |
| 5. | Château Vignelaure , Bio | Côteaux d'Aix en Provence | 2023 | 13,50€ ...............bt. |

### Les vins blancs

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| 6. | Dom. Frank KAYL , Remerschen | Chardonnay | 2022 | 11,50€ ...............bt. |
| 7. | Dom. Frank KAYL , Remerschen | Sauvignon blanc ( max 6 bt.) | 2023 | 13,50€ ...............bt. |
| 8. | Dom. Henri Ruppert | Pinot blanc barrique | 2022 | 28,00€ ...............bt. |

### Les vins rouges

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| 9. | Notre Dame des Pallières | Côtes du Rhône | 2023 | 9,00€ ...............bt. |
| 10. | Domaine Cep d'Or | Cabaret Noir | 2022 | 14,80€ ...............bt. |
| 11. | Domaine Anita, Beaujolais | Morgon , Chât. Gaillard | 2023 | 19,50€ ...............bt. |
| 12. | Domaine Anita, Beaujolais | Fleurie , Cuvée Poncié | 2023 | 20,00€ ...............bt. |
| 13. | Domaine Anita, Beaujolais | Moulin à Vent ,Vieilles Vignes | 2023 | 23,00€ ...............bt. |
| 14. | Dom. Huguenot , Bourgogne | Fixin , Cuvée Terre Brune | 2022 | 34,00€ ...............bt. |
| 15. | Dom. Huguenot , Bourgogne | Marsannay, Champs-Perdrix | 2022 | 36,00€ ...............bt. |

commandes seulement par caisses entières de 6 bouteilles svp.

☐ sera enlevé

☐ à livrer svp

signature:

Nom et adresse.......................................................................................................................................

.........................................................................................................................................................

mail: ......................................................... gsm: ....................................................